Woltz,den 4.September 1966

Dir Dammen an dir Hären,
Frönn an Bekannten,
Komerodinnen an Komeroden,

Zönter 1960 feiert nun all Joer d'Fédération vun den Zwangsrekrute'erten Naziaffer hir Journée Commémorative. 6mol ass mir also d'E'er zo'gefall, am Numm vun mengen Komeroden aus dem Fédérationscomitée an an mengem égenen Numm iech alleguer ze begre'ssen an en wärmsten Merci auszespriechen fir är Participation un der heiteger Journée. En besonneschen an de'fsten Merci fir âr gro'ss Bedélegung un desem Cortèg, Iech all de' de Wé an d'Me' net gescheit fir erop no Woltz ze kommen an d'Solidarite't enner allen Enroléen ze beweisen. Awer och als Spriecher vun den Enrolé, wöll ech hei net vergiessen alle gudde Letzeburger den Dank vun hiren Médercher an Jongen vun démols op eneits ausdedrecken. All dénen de' hei durch hir Präsenz hun wölle beweisen, dass genau we' am Krich, och nach haut sie trei an fest zu hinnen stinn. Mir all hun iech hei bei ons gesin Sieft versechert dir hut ons neie Courage gemacht weider fir ons gemeinsam berechtegt Usprech ze streiden. Onsen Dank ass me' gro'ss we' jé.

Mir Enrolés betruechten als ons zwét gro'ss Pflicht, nom Undenken an E'erung vun onsen onglecklechen Komeroden, Dankbarkét vis à vis vun all dénen de' ons an schwe'erer Zeit gehollef an önnerstötzt hun an och nach haut trei zu hiren Médercher an Jöngen vun démols stinn. Fir döss Dankbarkét an aller Oeffentléchkét ze bekonnen profite'ert ons Fédération vun hiren Journéen fir Perso'nen d'é sech rücksichslos am Krich a besonnesch an der Nokrichszeit fir d'Zwangsrekrute'er ansetzen mam "Ruban en Or avec Palmes" auszezéchnen. Ennert dénen villen huet onse Fédérationscomité fir döst Joer den Här Gratia aus Nidderkuer eraus gesicht.

Dem Här Gratia sein Asâtz fir d'Enrolés hei ausernén ze léen kann ech net. Ech misst d'ganz Geschicht vum Hondsbösch erzielen, well den e'schten an den leschten wor den Här Gratia. Sein Liewen stung de' lang Me'nt um Spill, seng Gesondhét ugeschloen, mä dat war him égal, d'Hâptsach letzeburger JongLiewen dem Preiss ze entreissen. Op Merci an Unerkennung huet hien net gewart a wann och, we' keng Gefor me' bestung "Och-Letzeburger" op eng Ke'er hir Verdingschter entdeckt a sech matt aner Leit Firderen erfir gestach hun, huet dat den Här Gratia kâl geloss. Hien wosst datt hien seng Pflicht gemat hat, ass sengen Jongen trei bliwen, an seng Jongen sinn him trei bliwen. Trotz Intrigen a Verdre'ungen, an haut an aller Oeffentlechkét hun ech de' gro'ss E'er als ~~Vertrieder~~ Spriecher vun allen Enroléen, op Refractair oder net, hei dem Här Gratia als Dank vun all dénen de' d'Affer vun der Gauleiterverordnung go'wen den "Ruban en Or avec Palmes" zu iwerréchen.

Dir Dammen an Dir Hären
Frenn a Bekannten,
Komerodinnen a Komeroden

We' ech virun engem Joer zu Pe'teng, nomöttes bei deser traditionnele Usproch matt Begéschterung iech konnt soen, dass mir muerges aus beruffenem Monn Verspriechen gemat kruten, de' ons berechtegt Hoffnungen go'wen op eng definitiv a schnell Le'sung vun onser Problemer dun haten mir alleguer geduecht de' nächst Journée a Fridden a Genugtuung ausschle'sslech dénen können ze widmen de' hirt Liewen fir d'Hémecht geaffert. Leider, leider war et nömmen en Verspriechen an et ass beim platoneschen Verspriechen bliwen. an ons Problémer sinn haut nach net weider gele'sst we' démols. Kann én ons et also veriwelen wann mir ons Froen, ~~On~~ hun d'Verspriechen, eso guer vun onsen führenden Politiker iwerhâpt nach e Wert. Oder gött och haut nach matt derselwechter Nonchalance an Oniwerluethét Sachen behâpt a versprach eso' we' ~~mir~~ démols, vun London aus, matt "Jongen lâft iwer" mir an den Misère an an den Do't gejot gi sinn?

Zwar sinn am Lâf vum vergangenen Joer munnech glécklech an ongleckIech Faien ze verzéchnen, a matt dem ne'degen Optimismus kann én och vum engem weideren Schrött onsen Zieler entge'nt schwetzen.

Op nationalem Plang leit en neien Regierungsprojet fir, dén verschidde Mesuren zu Gonschten vun den Naziaffer fir geseit. Oni vun vireran dese Projet ze condamne'eren, mussen mir awer feststellen, dass oni de' Oemännerungen de' onse Fédérationscomitée dem Här Staatsminister ennerbrét huet, d'Enroléen mam beschte Wöllen net können accepte'eren. Wann och a verschiddenen Punkten döse Projet onse Fuerderungen entsprecht, eso musse mir trotzdem matt aller Véhémenz an Entschédenhét d'Réalisation dovun, oni Korrektueren als Gesetz ofléhnen.

E puer wésentlech Punkten wöll ech hei eraus greifen, an dir wärt gesinn, dass, oni Verbesserungen Regierunsseiteg, oder Opposition seitens onse führende Parteien, oder Amandeme'en vun onsen Depute'erten, mir ons matt allen verfügbaren Möttelen, inklusiv Protestactionen a Protestmärsch widdersetzen mussen.

An desem Projet ass, entge'nt dem viregen, ganz einfach gesetzlech einwandfrei Unerkennung vum "Mort pour la Patrie", fir ons ongleckIech Komerodinnen a Komeroden eweg geloss! Firwat? Froe mir ons trotzdem et haut praktesch eso ass, dass den zo'ständege Minister, hinnen desen E'erentitel zo'sprecht, huet ons Regierung net den Courage an engem einwandfreien Text, den Dank vum Letzeburger Vollek hiren sacrifie'erten Kanner auszespriechen. We' awer nömmen én gemengt huet Letzeburger Auszéchnungen missten och de' Seit der Musel blénken, do hat sech schnell e Minister font fir engem Naziverbriecher Globke en Medail öm den Hals ze hänken.

An an dém selwechte Sönn froen mir ons firwat ons Regierung sech weigert endlech déne Leit de' ons am Krich gehollef en offizielle Merci fir hir Léschtung auszedrecken. Ass et net eng Schân fir onst Vollek, dass me' we' 20 Joer no dénen schrecklechsten Dég, nach net eng Regierung den Mutt opbruecht huet, fir all dénen Leit, de'

önner Liewensgefohr d'Refractären verstoppt, bekëschtecht oder iwer d'Grenz bruecht hun, net den offizielle Bravo vun der Hémecht auszespriechen. Zwar gesuch dén ale Projet döss Unerkennung vir, awer aus dém Jetzegen ass se verschwonnen. Trotzdém dass d'Parteipräsidenten sech heifir agesat hun, schengen âner Kräften me' Afloss op ons Gesetzesausschaffungen ze hun, amir froen ons wat fir Leit sinn dat? Wo' waren de' am Krich ? Hun sie mam Letzeburger Vollek gelidden a gestridden? Oder zielen se zu dénen, de' se'er hiren Pelz gerett a Letzeburg Letzeburg geloss hun. Haut schon vleicht erem, aus perse'nlechen Intéreen, d'Solidarite't vun den Letzeburger wöllen zerste'eren!

Muss én net onwillkürlech den Gedanken kre'en, wann én de' verschidden Artikelen aus desem Projet durchgét, dass sein Oteur den Zweck verfolgt Zwietracht önner de' verschidde Naziaffer ze brengen an hir Solidarite't ze vernichten.

Den Artikel iwert den Lo'nausfall vun den Zwangsrekrute'erten ass eso formule'ert, dass d'Regierung no hirem perse'nlechen Gutdünken kann dénen Enroléen eng weider Entschiedeguhg zospriechen dé' hir gefällt. Also, matt Geld sollen Gruppen aus onser gro'sser Famill eraus gesprengt ginn. Ons gro'ss Zuel éneg a fest zesummen geschwéss schengt onsen Regierungsleit absolut net ze goen. An fir de' Solidarite't ze sprengen kann de Staatseckel opgemât ginn an den Letzeburger Steierzueler öm en etlech weider Millionen bludden. Mir hun nie verlângt a verlângen net, dass de Schuet dén vun de Preissen ugericht ginn ass durch d'Letzeburger soll bezuelt ginn. Et ass un den Preisen fir ze bezuelen an net un onser Hémecht! Awer et muss én den Courage hun fir en gro'ssen an haut erem einflussreichen Nôper un seng Schold ze erenneren. Mir sinn gären d'accord dass et me' angenehm ass op d'Tre'er Hänn drecken ze goen, preisesch Medaillen ze ömpfänken an do selwer Letzeburger auszedélen!

De' Seit den Grenzen gött den feinen a gro'ssen Staatsmann marke'ert dén fir d'Enegkét önnert de Völker antrött an dohém ginn Gesetzer

entworf de' nömmen drop aus sinn d'Enegkét önnert den Matbierger ze zerste'eren. Devide et impera! Firwât geseit de Projet bei der Urechnung vun der Zwangsrekrute'ertenzeit firt d'Berechnung vun den Pensionen erem zwéerlé Moss a Gewicht fir? Firwat sollen de' eng d'Zeit duerbelt gerechent kre'en an de' aner net? Firwat limite'eren ausschliesslech op de' Me'nt a Gefangen, Konzentrationslager a Prisongen? Huet dann e Mutile'erten dén vun der Front durch eng Rei vun Spidéler a schliesslech no e puer Joer sengen Verletzungen ennerle't net genau eso vill gelidden, dass och him de' Zeit duebel ugerechent gött oni dass hien unbedingt durch en Gefangenlager huet missen goen. Oder zum Beispill e Blannen, dén dann net d'Chance hat durch e Gefangenlager ze kommen, kritt fir seng Pension d'Zeit net duebelt ugerechent. An eso weider. Ech kann hei net all Beispiller opzielen an Nonsensen wo' d'Ongerechkéten ge'nt Himmel jeitzen. Awer d'Ziel vun all desen Dispositionen ass nömmen Zwietracht an eis Reien ze se'en!

D'selwecht och fir Rentenberechnungen vun onsen Mutile'erten. Wann och den Regierungsprojet op dösem Gebitt eng Rei vun onsen Fuerderungen erföllt, so' ginn, awer och do erem Bestömmungen matt zwéerlé Moss a Gewicht eran geschleisst. Och erem nömmen fir önner desen Schwe'er Gepre'ftenen Onénegket ze se'en.

Wat mir sichen ass d'Solidarite't an d'Enegket önner all dénen de' ennert de Preisen gelidden, awer onse Gesetzgeber beme't sech durch hiren Misèr an hirt Ongleck Naziaffer ge'nt enén ausgespillen Ons Enegket ass munschem herschsüchtigem Gésch en Dâr am A, a matt allen Möttelen gött versicht dass Enegkét ze vernichten. Awer un der Komerodschaft vun allen Enroléen scheitert döss Versich kläglech. Bis haut sinn mir de' Komeroden bliwen de' miram Krich woren a bleiwen et och weider. Mir lossen ons net matt Intrigen an och net matt Geld ausernén splécken. Entwéder fir jidderén dat selwecht, op Mächen oder Jong, oder fir kén neischt!

Op Refractär, Tambower, am Osten oder am Westen gefangen, Mutile'ert krank oder gesond, gefall oder nach vermösst, mir all go'wen an

sinn Naziaffer a verlangen absolut Gleichbehandlung fir jidderén!

Mir verlangen dass onse Staat sech erkenntlech an zefirkommend weist vis à vis vun den Elteren vun onsen onglecklechen Komeroden. Sie net och nach am Misèr a Schmierz force'ert hiren Armut virun aller Oeffenléchkét ze droen fir eng Höllef ze kre'en.

Mir verlangen virunallem,dass ons Regierungvertrieder, d'E'er vun onsem Vollek dobaussen,op internationalem Plang matt Entschédenhét an drok verteidegen an net direkt feig kapitule'eren. Och wann mir den klengste Partner sinn!

Fir eng Ke'er hat sech dest Joer den letzeburgeschen Onofhengegkétsgéscht an d'Nationale'er bis an ons Députe'erte Chamber eran geschlach

Et huet natirlech missen bis zu engem Schlag an d'Gesicht kommen, Wat de' preisesch Nénäntwert op den letzeburgeschen Memorandum iwert Zwangsrekrute'ert(?), war an ass. A knapp haten ons Depute'ert, an hirem e'schten Eifer, e bessen hart geschwât an schons huet ons Regierung gemengt missen zur Uerdnung ze ruffen. Sie huet sech gewonn a gedre't we' e Wirmschen, fir dach nömmen d'Hären vun Bonn net ze verstömmen, geschweich d'Woerecht nach eng Ke'er ze rappelle'eren.

Et mengt én dach we' wann kén vun onsen Volleksvertrieder wöllt sech dén sche'ne Wé dei Seit de Musel verspären. Wân leit dénen schons un der E'er vun den Zwangsrekrute'ert, un der E'er vun onsen 3.500 Do'degen, um Schmierz vun hiren Eltren, un dem Affer vum Generalstreik, un den Do'degen vun den Kazter a Prisongen. Firwat hun de' dann all hirt Liewen geaffert?

Fir d'Freihét an d'E'er vun Letzeburg!

Hirt Liewen hun sie op d'Spill gesat fir d'Woerecht!

An haut, hun mir net me' den Courage fir den Preisen ze soen, datt mir neischt wöllen mat hinnen ze dun hun, eso lang sie sech net zur E'erlechkét durchgeronnen hun, hir Schold unzeerkennen a bérét sinn gut ze machen, eso weit ewe' et iwerhâpt me'glech ass.

Firun dénen selwechten Offize'er wo' mit virun 25 Joer um Kasärenhaf

hun missen um Bauch robben, virun dénen selwechten mussen haut schon erem ons Kanner stramm stoen!
An noch do fönnt ons Regierung et net emol ne'deg ze proteste'eren!

D'ass jo och égal, wat ass schons wann eng nei Katastrof eran breckt, um Findel wärten jo e puer Maschinnen prett stoen fir ons Spötzeleit erem se'er an Secherhét ze brengen, de Rescht vum dommen Vollek kann jo erem oni Consignen,op sech selwer ugewisen, bludden a leiden.
Et ass et jo nach gewinnt et sinn ere'scht 25 Joer hir!
Gott sei Dank hun mir d'Pflicht a Verspriechen aus frieme Länner matt an d'Hémecht zereck bruecht, we' mir onsen Komeroden d'Aan zo' gedréck dofir ze suergen, dass dat selwecht Ongleck dat iwer ons Joergäng eran gebrach war net nach eng Ke'er könnt. A wann mir ons haut hei zu Woltz zesumme fond hun, an d'Hand zum Schwuer erhiewen, eso verspriechen mir onse Komerodinnen a Komeroden, all onsen Helden aus Prisongen a Kazetter, ont Me'glechst ze machen, ze warnen, fir rechtzeiteg mam Fanger op d'Geforen hinzeweisen a matt ze höllefen ze verhönneren dass we'nst perse'nlechen Intéreen vun ömmer erem derselwechter Klick vun Persone ganz Völker a Léd a Misèr gestierzt ginn.

Mir sinn berét eng propper Hémecht matt op ze bauen!
Mir höllefen gären matt en Europa op enger e'erlecher Basis opzerichten,
a mir sinn och de' lescht de' Hass a Vergeltung wöllen priedeschen
Awer mir sinn net d'accord dass all de' Affer,all dat Ongleck, all de' Tre'nen, all dén Schmierz aus dem leschte Weltkrich emsoss waren an vergiess ginn.
Eso ruffen ech iech all op. Lost mer weider fest an éneg zesummen stoen, all Affer vum Nazirégim. Losst mer ons net mössbrauchen lossen net splécken an net aschle'feren. Losst mir ons we'negstens wierdeg erweisen, wierdeg all den Affer vun den beschte Letzeburger.
Fir d'E'er vun onser Hémecht mussen mir zu jidder Schrött berét sinn.